



IWWERRASCHUNGS- TITCHEN FIR DENG MATMËNSCHEN



Aufgab

Aufgab: Maach denge Matmënschen eng Freed mat enger selwer gemaachen Iwwerraschungs-Titchen!


Wat s du brauchts

- kleng Titercher
- Saachen fir d'Titercher ze fëllen: Téisäckelcher, Kamellen, Rätsel mat Opléisung, Bild, eppes Klengs Gebasteltes...
- eppes fir d'Titercher zou ze man: Wollfuedem, Kaddosfletschen, Lastiker
- grouse Kuerf
- Din A4-Blat



Esou geet et

1. Fëll déi kleng Titercher mat allerlee Saache déi Freed maachen. Dës kënnen z.B. Téisäckelcher sinn, Kamellen, Rätselen, eppes wat s du gemoolt oder gebastelt hues. Denger Kreativitéit si keng Grenze gesat.
2. Maach d'Titercher zou mat enger Kaddosfletsch, engem Stéck Woll, engem Lastik...
3. Setz deng Titercher an e Kuerf deens du bei deng Bréifkëscht stells.
4. Op d'Blat beim Kuerf schreifs du eng kuerz Erklärung (kuck d'Foto)
5. Jidderee dee laanscht geet, däerf sech eng vun dengem Iwwerraschungs-Titercher mathuelen.



Lued eng Foto vun denger Aktioun op lgs.lu/scoutendoheem erop.

